PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Dépôt: CLEMENT Sven

Gesetzesprojet 7784

Lëtzebuerg, den 12/03/2021

Motioun

D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:

- dass d'Unzuel u verfügbaren Dosisse vun de Covid-19-Vaccinen zu Lëtzebuerg am Moment nach limitéiert ass ;
- dass Fäll zu Lëtzebuerg opgetruede sinn, bei deene Persoune fréizäiteg geimpft goufen ;
- dass de Gesondheetsministère een Impfplang virgeluecht huet an och déi betraffen Institutiounen a Persounen iwwert dësen informéiert huet ;
- dass de Gesondheetsministère mam Conseil supérieur des maladies infectieuses de 27ten Januar d'Phasen 2 bis 6 vum Impfplang virgestallt hunn ;
- dass an Däitschland de Gesondheetsminister am Moment mam Parlament iwwert d'Strofe, fir sougenannten "Impfdrängler" diskutéiert ;

Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:

1. dee bestoende Regime fir Strofen fir Leit, déi sech entgéint dem festgeluechte Plang vun der Direktioun vun der Santé impfe loossen, ze iwwerschaffen, fir esou Abusen an Zukunft ze verhënneren.